Rapport vun eiser Réunioun
vum
2. Abrëll 2015

Présent waren : Simone Frank, Danielle Thiry, Christiane Tempels, Serge Schimoff

Entschëllegt waren : Linda Chretien, Marcel Hagendoorn, Manuela Reuter

Ufank : 19.00 Auer

Porte Ouverte

- Porte Ouverte am Mamer Lycée ass des Kéier den 25. Abrëll vun 9.00 bis 13.00 Auer.
- Mir machen als Elterecomité just en Informatiounsstand an wellen do en Flyer op lëtzebuergesch an franséisch ausdeelen fir den Leit ze erklären wat den Elterecomité ass an wat hier Fonktiounen sinn.
- Mir verkaafen keen Kuch an Gedrénks wéi déi lescht Joeren. Mir hun décidéiert den Schüler dat ze iwwerloosen. Domat kënnen se Suen verdengen fir hier Ausflige an Reesen.
- Par contre wollten mir als Elterecomité eis ënnert Léit meschen an den direkten Kontakt sichen. 2 Persounen bleiwen um Infostand an déi aner ginn bei Léit.

Subside (School's Cup, Rees op Paräis)

- Mir als Elterecomité hun 500 € fir den School's Cup gesponsort an 250 € fir Rees op Paräis.

Logo Eltercomité

- Christiane huet eis e puer ganz flott Entwerf vun eisem zukünktigem Logo matbruecht.
- Mir waren eis ziemlech schnell eens. E puer Verännerungen an dann kann en bei der nächster Réunioun definitif ugeholl ginn.
- Dem Christiane an senger Niece en ganz décken Merci fir déi flott Arbecht.

Fapel

- Dësen Punkt um Ordre de Jour gett op déi nächst Réunioun verluecht.

Divers

- Näischt ze vermierken ënnert dem Punkt Divers

- Nächst Réunioun ass ***Donneschdes den 23.04.2015 um 19.00 Auer***

Enn: 20.45 Auer